# GEMENGEBUET
## Duelem 03 / 2024



# OP EE BLÉCK


Wëllkomm 3 Bienvenue

De Gemengerot 5 Le conseil communal

Matdeelungen 7 Avis

Aus dem Gemengerot 16 Du Conseil Communal

Etat Civil 24 Etat Civil

Réckbléck 25 Rétrospective



## IMPRESSUM

EDITEUR
Gemeng Duelem

DRECKEREI
Imprimerie Ossa, Nidderaanwen

LAYOUT
creative corner, Gréiwemaacher

OPLO
1.000 Exemplairen

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate Notre impact. Durable Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655

FSC RECYCLE Papier fait à partir de matériaux recyclés FSC® C179465

# WËLLKOMM

**Léif Matbiergerinnen, léif Matbierger,**

Wann ech de Bilan vun dësem Joer maachen, sinn ech frou ze gesinn, dass vill Projete fäerdeg gi sinn an anerer amgaang sinn, wat derzou bäidréit, d'Infrastrukturen an eiser Gemeng besser ze maachen.

Eng vun de gréisste Realisatiounen ass d'Eréffnung vum Modulbau niewent der Zentralschoul an der Maison Relais zu Duelem, deen de 16. September déi éischt Schüler empfaangen huet. Dësen Espace gouf geschafen, fir de pedagogesche Besoine vun eise Kanner gerecht ze ginn a fir hinnen en optimaalt Léierëmfeld ze bidden.


© Pit Becker

Mir hunn och ettlech Infrastrukturprojete fäerdegkritt, zum Beispill de provisoresche Parking an der „Kettegaas" zu Duelem, wat mécht, dass ee méi einfach an d'Duerf kann erakommen an do halen. Doriwwer eraus goufe verschidde Stroossenaarbechten ofgeschloss, wat d'Liewensqualitéit an de Stroosse vun Duelem a Welfreng verbessert an och zur Erneierung vun den ëffentlechen Infrastrukturen, z. B. zu enger besserer Verdeelung vum Drénkwaasser, bäidréit.

Därzäit schaffe mer mat den Architekten- an Ingenieursbüroen un de Pläng fir eng nei Grondschoul um Campus an der „Kierlingerstrooss" zu Duelem. Dës Schoul integréiert och en Turnsall, esou dass alleguer d'Säll vum Enseignement op engem Site regruppéiert sinn. Dësen ambitiéise Projet zeit vun eisem Engagement fir d'Educatioun an d'Wuelbefanne vun de Jonken.

An e puer Deeg gëtt de Budget fir 2025 dem Gemengerot zum Vote virgeluecht. Mat dësem Budget kënne mer eis konstruktiv Dynamik weiderféieren an nei Projete finanzéieren, notamment de Bau vun engem neie Pompjeesbau, dee fir d'Sécherheet an eiser Gemeng essenziell ass.

Schliisslech wëll ech Iech ganz häerzlech Schéi Chrëschtdeeg a Schéi Feierdeeg zesumme mat Äre Léifste wënschen.

Mat beschte Gréiss,
Romain Kill

*Buergermeeschter vun der Gemeng Duelem*

# BIENVENUE

***Chères citoyennes, chers citoyens,***

*En faisant le bilan de cette année, je suis heureux de constater que de nombreux projets ont été finalisés et que d'autres sont en cours, ce qui contribue à améliorer les infrastructures de notre commune.*

*L'une des réalisations majeures est l'ouverture du bâtiment modulaire adjacent au bâtiment de l'école centrale et de la maison relais de Dalheim, qui a accueilli les premiers élèves le 16 septembre dernier. Cet espace a été conçu pour répondre aux besoins pédagogiques de nos enfants et pour offrir un cadre d'apprentissage optimal.*

*Nous avons également réussi à réaliser diverses infrastructures, notamment le parking provisoire dans la « Kettegaass » à Dalheim, qui facilite l'accessibilité et le stationnement dans le village. De plus, plusieurs chantiers de réaménagement de la voirie ont été achevés, améliorant ainsi la qualité de vie dans des rues à Dalheim et à Welfrange, et contribuant au renouvellement des infrastructures publiques, dont notamment la distribution d'eau potable.*

*Actuellement, nous sommes en pleine planification avec les bureaux d'architectes et d'ingénieurs pour le projet de notre nouvelle école sur le campus scolaire à Dalheim « Kierlingerstrooss », qui comprendra également une salle pour l'éducation physique, dans le but de réunir toutes les salles pour l'enseignement sur un seul site. Ce projet ambitieux témoigne de notre engagement envers l'éducation et le bien-être de nos jeunes.*

*Dans quelques jours, nous soumettrons notre budget pour l'année 2025 au vote du conseil communal. Ce budget permettra de poursuivre notre dynamique constructive et de financer des nouveaux projets, notamment la construction d'un nouveau centre d'incendie et de secours, essentielle pour la sécurité dans notre commune.*

*Je souhaite enfin vous adresser mes vœux les plus chaleureux pour un joyeux Noël et de belles fêtes de fin d'année, entourés de vos proches.*

*Avec mes salutations les plus cordiales,*
*Romain Kill*

*Bourgmestre de la Commune de Dalheim*




# Rektifikatioun

*An der Presentatioun vum Här Luc MANGEN, Conseiller, op der Säit 4 am Gemengebuet 02/2024 ass folgendes ze liesen:*

*"D'Energiekooperative vum Kanton Réimech (EKR) ass 2022 zesumme vun de Gemenge gefördert ginn; ech vertrieden d'Gemeng Duelem am Conseil d'Administration als Grënnungsmember. D'EKR setzt sech a fir Photovoltaik-Projeten op ongenotzte Gemengendiecher auszeschaffen, sou dass Bierger kennen a Projete fir eng nohalteg Energieproduktioun investéieren."*

*Fir all Mëssverständnis aus dem Wee ze raumen, musse mir heimat richteg stellen, dass den Här MANGEN kee Mandat vun der Gemeng Duelem als Vertrieder am Conseil d'Administration vun der Energiekooperativ Kanton Réimech (EKR) huet, hien ass dëser Kooperativ als Privatpersoun bäigetrueden.*

# De Gemengerot

## Romain DICKEN


© Pit Becker

Mat dësem Artikel wëll ech deene Matbiergerinnen a Matbierger Merci soen, déi mir hiert Vertraue bei de leschte Wale geschenkt hunn.

A menger Fonctioun als President vun der Jugend- a Sportskommissioun setzen ech mech dofir an, méi Aktivitéiten an Eventer fir eis jonk a manner jonk Matbierger ze organiséieren.

Ech wor den 2. August 2024 vum Schäfferot gefrot ginn, ob ech ons Gemeng wéilt representéieren um Dag mam Thema „Sport a Beweegung a menger Gemeng", organiséiert vum INAPS mam Sportsministère an der Maison du Luxembourg zu Paräis, wat ech gären ugeholl hunn.

Op dësem Dag si vill Workshops ugebuede ginn an et hunn sech ganz vill interessant Gespréicher mat deene verschidden Acteure gebueden.

Duerch meng Participatioun un Euro- a Weltmeeschterschaften, esou gutt als Sportler wéi och als Trainer, probéieren ech meng Erfarunge mat anzebréngen a weiderzeginn.

Et ass mäin éischt Mandat an der Gemeng an ech probéiere mech méi an d'Ofleef vun der Gemeng eran ze schaffe, fir eis all nach méi zesummen ze bréngen a fir e bessert Mateneen an eiser Gemeng.

*Romain Dicken*

## Sonja BARTHEL

Nodeems meng Virgänger, déi och schonns vill méi laang Gemengepolitik maache wéi ech, sech schonns virgestallt hunn, ass et dann elo u mir. Ech si Mam vun 3 erwuessene Kanner, Fra, Mima vun 3 Enkelkanner. Ech schaffen nach ëmmer mat wierklecher Freed an Enthusiasmus als Léierin zu Sandweiler an engem Cycle 4, (obwuel ech schonns kéint an der Pensioun sinn), a sinn nach ëmmer prett fir ze probéiere fir déi nei Generatioun ze begeeschteren.

Sport ass eng aner wichteg Passioun vu mir, besonnesch de Volleyball an de Fitness. A menge fräie Stonne genéissen ech Spadséiergäng mat onsem Hond, der Miss Coco. Ech genéissen dobäi d'Natur an eiser schéiner Gemeng, an där ech och vill Inspiratioun fannen. Ech hunn och nach aner Hobbyen, awer duerzou gehéiert definitiv net am Gaart schaffen.

Politik huet an onser Famill schonns ëmmer eng grouss Roll gespillt. Natierlech sinn ech mir bewosst, dat ech an der Vergaangenheet an der Gemeng virun allem Consommateur war a nach net wierklech vill Opweises hunn. Ech war och eent vun deenen, dat éischter vill gemeckert huet iwwert ons lokal Politiker. A wéi e Gemengerotsmember mech gefrot huet fir mat an d'Gemengewalen ze goen, war dat de Moment wou ech mir gesot hunn.... vläicht kéint ech jo en Deel gi fir eng Ännerung ze bréngen, an dat Leit da kéinten iwwert mech meckeren. Meng Meenung ass, datt mir all e Bäitrag leeschte kënnen, fir ons Gemeng nach méi liewenswäert ze maachen, a mir all zesummen eise lokale Raum nach besser a méi nohalteg kéinte gestalten. Ech gleewen u Kraaft vun der Zesummenaarbecht a wäert alles drusetzen, fir e positiven Impakt op d'Entwécklung vun eiser Gemeng ze hunn. Sinn an der 3. Alterskommissioun, wou mir un déi denken, deene mir esou Villes ze verdanken hunn. Déi di do ware, wéi mir jonk waren, an elo vläicht selwer d'Kraaft net méi hunn sech fir sech selwer anzesetzen.

**Natierlech hunn ech och nach vill aner Prioritéiten:**
Als Léierin ass et mir wichteg sech fir ons Kanner anzesetzen, dat si sech beschte Falls zu engagéierten, aktiven, oppenen a kritesche jonke Mënschen entwéckelen, deenen et awer net u Wäerter feelt wéi Empathie a Respekt. Dozou gehéiert natierlech och, dass si sech an engem gudden Ëmfeld befanne kënnen, spréch, dat si endlech déi Schoul kréie vun där esou laang geschwat gouf, an déi elo endlech realiséiert soll ginn.


© Pit Becker

Als Sportlerin, an nach ëmmer aktiv "Lasepjoffer" weess ech wéi wichteg Zesummenhalt, Teamwork a Respekt ass. A genau déi Wäerter géif ech gäre mat an d'Gemengenaarbecht abréngen. Wéi e Kichelche freeën ech mech drop, bei der Gestaltung vun enger richteger Sportshal, hoffentlech dierfen dobäi ze sinn.

Dann läit mir eng nohalteg Entwécklung souwisou um Häerz. Well, als Mima vun 3 Enkelkanner, ass et mir wichteg, dat eis Gemeng och fir déi zukünfteg Generatioune liewenswäert bleift, duerch eng intelligent Duerfplanung, mat genuch Gréngflächen a mat propperer Energie. Dass endlech onse PAG/Bebauungsplang fäerdeg gëtt, ass och net vu Muttwëll, Biergerbedeelegung ass och esou e wichtegt Thema, all Bierger soll d'Recht hunn, aktiv un den Decisioune bedeelegt ze sinn. Fir kënnen Decisiounen ze huele muss en awer och informéiert sinn a ginn. Dofir setzen ech mech a fir Dialogplattformen ze verbesseren a Kommunikatioun méi transparent ze maachen ënnert anerem jo och mat engem Gemengebuet.

Sozial Gerechtegkeet ass och nach e Punkt fir deen ech probéiere mech staark ze maachen. Egal op al oder jonk, all Mënsch soll sech an onser Gemeng wuelfillen, soll eng gutt Liewensqualitéit hunn. Et ass also och eng Fro vun Equitéit, Participatioun a Respekt fir all Mënsch.

Tjo all dat si vill a grouss Zieler a natierlech sinn ech mir bewosst, eleng ka keen dat erreechen, awer zesumme mat dem neien an dynamesche Schäffen- a Gemengerot, hoffen ech am Team kënne Villes ëmzesetzen.

# MATDEELUNGEN / AVIS

## Recyclingpark

Hall technique communal,
46, Waasserklapp L-5681 Dalheim

Tel.: 23 60 53-274

**Öffnungszeiten für das Jahr 2025**
Dienstag: 13:30 – 16:30 Uhr
Donnerstag: 13:30 – 16:30 Uhr
Samstag: 13:30 – 16:30 Uhr

Geschlossen am:

- **1. Mai 2025**, Tag der Arbeit
- **29. Mai 2025**, Christi Himmelfahrt
- **1. November 2025**, Allerheiligen
- **ab Donnerstag**, dem **25. Dezember 2025** bis **zum Donnerstag**, dem **1. Januar 2026** einschliesslich

Der Recyclingpark nimmt nur Stoffe aus den privaten Haushalten der Gemeinde Dalheim an.

## *Parc de recyclage*

*Hall technique communal,*
*46, Waasserklapp L-5681 Dalheim*

*Tel.: 23 60 53-274*

***Horaires d'ouverture pour l'année 2025***
*Mardi: 13:30 – 16:30 heures*
*Jeudi: 13:30 – 16:30 heures*
*Samedi: 13:30 – 16:30 heures*

*Fermé le:*


- ***1er mai 2025**, Fête du Travail*
- ***le 29 mai 2025**, Ascension*
- ***le 1er novembre 2025**, Toussaint*
- ***et** du **jeudi 25 décembre 2025** au **jeudi 1er janvier 2026** inclus*

*Le parc de recyclage n'accepte que des matières provenant des ménages de la Commune de Dalheim.*



## Auswahl einiger Eckdaten Klimapakt Gemeinde Dalheim 2014 - 2022

### WASSERVERBRAUCH (2014-2022)





### STROMBEDARF UND STROMPRODUKTION (2014-2022)




## ABFALLMENGEN (2018-2022)


### BAUSCHUTT PRO EINWOHNER





### ELEKTROSCHROTT PRO EINWOHNER





### GIPS PRO EINWOHNER




### GRÜNSCHNITT PRO EINWOHNER





### HOLZ PRO EINWOHNER






### PAPIER PRO EINWOHNER





### SPERRMÜLL PRO EINWOHNER






## ANZAHL BERATUNGEN INFOPOINT PRO 1000 EINWOHNER UND PRO JAHR



No'm Depart vun eisem fréiere Paschtouer, dem Abbé E. Urth, am Fréijoer 1991 huet den Abbé Fränz Müller d'Por Duelem musse mat iwwerhuelen. Nieft de Poren Elleng, Elweng a Wellesteen, hat hie mat engem Schlag en décken Trapp méi Scheewercher ze betreien. En éischt Joer ass dunn an d'Land gaange wou de Fränz mol seng nei Porkanner an hiert Veräinsliewen huet misse kenneléieren. Ausser der JAC zu Fëlschdref war déi Zäit keng Veräinsstruktur an der Gemeng Duelem, déi ausschliisslech fir Kanner oder Jugendlecher do war.

Am Fréijoer 1992 huet e schrecklecht Verbriechen der Gemeng Duelem zu zweifelhafter Bekanntheet verhollef. E puer jonk Leit haten, fir e puer dausend Frang ze klauen, en ale Mann, deen eleng zu Duelem gelieft huet, mam Messer doutgemaach. De jonke Leit, déi dës schrecklech Dot ze veräntwerten haten, hiert ganzt Liewe war mat engem Schlag ruinéiert. De Fränz huet d'Fro net méi lass gelooss, op dat huet missen sou kommen, oder op déi jonk Leit net ze vill Fräizäit mat ze wéineg sënnvoller Beschäftegung hu missten opfëllen. D'Iddi huet an him Gestalt ugeholl, fir eng Struktur ze schafen, déi Kanner a jonke Leit eng sënnvoll Fräizäitgestaltung sollt ubidden. Kloer, datt de Fränz och gäre gesinn hätt, wann den neie Klibbchen sech u Jesus Christus a senger frouer Noricht géing ausriichten. Awer et misst eppes sinn, dat de Kanner aus all sengen Dierfer op géing stoen, a wat zugläich an eiser Regioun nei, a fir d'Kanner an d'Jugendlech attraktiv sollt sinn. A fir net musse Strukturen, Spillreegelen an Iddien nei ze erfannen, sollt et am Beschten eppes sinn, wat op anere Platzen seng Preuvë laang bestan hat. Wat louch do méi no, wéi e kathoulesche Scoutsgrupp wëllen ze grënnen ?

D'Iddi war flott, mee fir e Scoutsgrupp ze bedreiwen, braucht et Cheffen, Kanner, en Home, Iddien a Material. Wuel gouf a gëtt et e landeswäite Verband, deen no international gültege Reegelen, d'Gruppen hei am Land betreit an iwwerwaacht, mee dëse Verband hat kee Pool vu freie Cheffen, déi een einfach hätt kënnen op Duelem ruffen. D'Philosophie vum Scoutismus wëllt, datt all Grupp wéi eng Zell aus sech selwer wiisst a sech seng Cheffe selwer eropziilt. De Verband konnt dem Fränz, bei der Realisatioun vu senger Iddi, mat Rot an didakteschem Material hëllefen, mee eng Chefequipp misst schonn um Terrain selwer fonnt ginn. Hien huet säin Uleies am Gebiet virun den Härgott, eisem ieweschte Chef bruecht, an huet gezielt ugefaange säi Projet virunzebréngen.

Am Summer 1992 huet de Fränz ugefaang, bei verschiddene Leit déi hie kannt huet ze sondéieren, fir ze gesinn op eventuell Leit bereet wieren, un der Grënnung vun engem Scoutsgrupp matzeschaffen. No der Rentrée am Hierscht, huet de Fränz Sonndes an den Houmassen an alle Kierchen de Leit vu senger Iddi, e Scoutsgrupp ze grënnen, geschwat. Hien huet fir Freides de 27ten November 1992 owes op Elleng an d'Schoul invitéiert. Hei sollt fir all Interessenten eng éischt Geleeënheet sinn, fir Kontakt opzehuelen a sech auszetauschen. Dës Annonce huet bei verschiddene Leit fir vill Onrou a ville Gespréicher am Familljekrees gesuergt. De 27te November ware vill Leit, déi sech gréisstendeels net kannt hunn zu Elleng an der Schoul. E puer Responsaabler vum Verband vun de Lëtzebuerger Scoute waren do, an hunn de Prinzip vum Scoutismus erklärt an en Iwwerbléck vermëttelt wat d'Bedreiwe vun engem Grupp un Exigenzen un d'Cheffe stellt. E gudden Engel hat derfir gesuergt, dat nieft villen interesséierte Leit ouni eege Scoutsvergaangenheet, och e Mann op Elleng komm war, dee Scout duerch an duerch ass, an deen aus senger Jugend eng jorelaang Erfarung als Gruppechef matbruecht hat. De Jean Langehegermann hat dat, wat deenen aneren Interesséierte gefeelt huet, gutt Iddien aus der Praxis, Kenntnis vun der Philosophie vum Scoutismus, eng déif Reliositéit an eng Scheier voll alem Scoutsmaterial vu Seeler iwwer Zelter bis op en ale Campfändel. De Fränz huet der Versammlung ugebueden, dem ze grënnende Scoutsgrupp den ale Porsall hannert dem Paschtoueschhaus zu Duelem als Home ze iwwerloossen. Et waren also gutt Viraussetzunge ginn, fir datt de Projet sollt reusséieren. Mais nach war et nëmmen e Projet.

De selwechten Owend nach huet de Jang d'Personalien vun de Leit opgeholl, déi un engem weidere Kontakt interesséiert waren. An deene folgenden Deeg huet hien du mat alle Leit vu senger Lëscht Kontakt opgeholl, fir de Bols ze huelen an nei Rendez-vous'en ze fixéieren, bei deene méi konkret iwwert d'Realisatioun vum Fränz senger Iddi sollt geschwat ginn.


© Gemeng Duelem

Et hunn sech dunn 13 Leit fonnt, déi an de nächste Wochen äifreg d'Käpp zesummegestach hunn, fir d'Grënnung vun dem neie Grupp virzebereeden. No laangen Diskussiounen ass dem Carlo seng Propose, de Grupp nom **hellege Märten** ze nennen, ugeholl ginn. Dësen Hellege Mann ass jo besonnesch fir seng Mantelspend zu Amiens bekannt. Als Ritter vun der Barmhäerzegkeet, hu mir hien zum Virbild geholl, an eise Grupp ënnert säi Patronage gestallt. Ausserdeem huet eis folgend Virstellung faszinéiert: Et ass geschichtlech erwisen, datt de Martin, als Bëschof vun Tours 2 mol op Tréier bei de réimesche Keeser gereest ass. Well eng Réimerstrooss aus Frankräich op Tréier bei eiser Réimersiedlung, dem Ricciacus, Etappe gemaach huet, kann een net ausschléissen, datt den hellege Märten um Pötzel, also hei zu Duelem war, an hei geschlof a giess huet. Wien weess, villäicht gehéiert eng vun deene sëllege Schierbelen op der Gewan zu engem Geschier vun deem eise Patréiner giess hat ?!!

Op alle Fall ass äifreg geschafft gi fir de Grupp op d'Been ze stellen, eenzel Leit hunn eng Chefformatioun ugefaangen oder erneiert, de Jang huet seng Gruppechefformatioun gemaach, an sou konnten 13 Leit, an zwar Diane DEPELCHIN, Liette EVEN, Liane FAGGIANI, Viviane FAGGIANI, Carlo KAUFMANN, Jean LANGEHEGERMANN, Nadine MOLITOR, Fränz MULLER, Paul OLINGER, René THILL, Josée VANDIVINIT, Annouk WATGEN a Steve WATGEN, Freides den **22te Januar 1993** de Grënnungsakt ënnerschreiwen. De Grupp war gebuer, an direkt hu mir eis bei de Gemengen aus eiser Regioun (Duelem, Munneref a Biermereng) agedroen an ëm e Subside gefrot fir schaffen ze kënnen. Nëmmen d'Duelemer Gemeng huet op eis Demande reagéiert, an sou hu mir eise Siège social zu Duelem geholl. Och beim Verband vun de Lëtzebuerger Scouten hu mir eis ugemellt an no enger Visitt vum Kommissär général si mir an de Verband opgeholl ginn.

Et gouf decidéiert, datt mir **Samsdes de 6te Mäerz 1993, Mëttes ëm 14:30 Auer** eng éischt Versammlung mat den interesséierte Kanner aus allen Dierfer sollte maachen. Als Thema hate mir « Indianer » zeréckbehalen, an sou gouf fläisseg un all méiglechem Material vir Indianer ze spille gebaut. Souguer e groussen Holzbison gouf op engem Seel hin an hier gezunn, fir datt d'Kanner mat Feil a Bou op e beweeglecht Ziel sollte schéisse kënnen. D'Invitatioune ware verdeelt, d'Material war bereet, an d'Chefequippe war déck gespaant ze gesinn, wéivill Kanner da géife virwëtze kommen. Jidderee war déck zefridden, wéi et owes kloer war, datt mir d'Nimm vun ongeféier 40 Kanner am Wëllefchesalter an 12 potentiellen Explorer op eise Lëschten haten. Fir mam Home laanschteneen ze komme gouf decidéiert, datt d'Wiwel sech Samsdes nomëttes ënnert der Leedung vum Josée Vandivinit treffe sollten, wärend de Jang d'Avex Versammlung Dënschdes owes dirigéiere sollt. Fir e klengen Ausgläich an de Branchestäerkten ze schafen, goufen nach e puer Leit, déi eigentlech nach Wiwel sollte sinn, bei d'Explorer geholl, an du war alles bereet. Dënschdes de 16te Mäerz 1993 war eis éischt normal Explorerversammlung. Eise Grupp war Realitéit.

*Duelemer Scouten*

## Taekwondo Duelem

Den Taekwondo Duelem war an de leschte Méint erëm voller Energie an Dynamik ënnerwee, ënnert anerem waren d'Sportler op engem Summer-Stage un der Adria. Doriwwer eraus hunn si op internationalen Turnéier nees exzellent Leeschtunge gewisen, zu Villeneuve an der Schwäiz huet de Julien HOSTERT déi éischt Plaz beluecht, an zu Bozen an Italien huet de Noé MÜLLER och déi éischt Plaz erkämpft.


© Taekwondo Duelem


© Taekwondo Duelem


© Taekwondo Duelem


© Taekwondo Duelem

## AVIS AU PUBLIC

Schnéi an/oder Glatäis wärend de Wantermëint

Laut Artikel 33 vum Policereglement vum 24. Oktober 2014 hunn d'Biergerinnen a Bierger d'Pflicht am Fall vu Schnéi an/oder Glatäis d'Trottoire virun hirem Grondstéck fräi vu Schnéi/Glatäis ze maache fir d'Sécherheet vun de Benotzer ze garantéieren.

D'Gemeng ass hirersäits verantwortlech fir d'Gemengeweeër an d'Gemengeplazen.

D'Staatsstroossen ënnerleien der Verantwortung vun der Administratioun vun de Ponts & Chaussées.

Neige et/ou verglas durant les mois d'hiver

L'article 33 du règlement de police du 24 octobre 2014 dispose que les citoyennes et citoyens de la commune de Dalheim ont l'obligation, en cas de neige ou de verglas, de dégager les trottoirs devant leurs propriétés afin de garantir la sécurité des personnes.

La même responsabilité incombe à l'administration communale pour les chemins et les places communaux.

Les routes nationales tombent sous la responsabilité de l'Administration des Ponts & Chaussées.

## REPAS SUR ROUES

### INFORMATIOUN

D'Gemeng Duelem bitt ee Service fir d'Mëttegiesse geliwwert ze kréie fir eeler Leit, Persoune mat ageschränkter Mobilitéit oder déi, déi op Hëllef ugewise sinn an déi an der Gemeng Duelem wunnen, un.

Dir kënnt Iech umellen andeems dir den Umeldeformulaire, deen Dir op eisem Internetsite fannt, ausfëllt oder op der Gemeng.

Präis pro Iessen : 15,00 €

### INFORMATION

L'administration communale de Dalheim propose un service de livraison de repas à domicile (à midi) pour les personnes âgées, à mobilité réduite ou dépendantes habitant la Commune de Dalheim.

Vous pouvez vous inscrire en replissant le formulaire que vous trouvez sur notre site internet ou à l'administration communale.

Prix par repas : 15,00 €


ALLES OP ENGER PLAZ FIR
ÄRE KLIMA- AN ENERGIEPROJET
Klimabonus
klima-agence.lu
Lancéiert Äre Projet mat eiser
onofhängeger a gratis Berodung
a profitéiert vun de Klimabonus-Bäihëllefen.
klima agence
Shaping our
future together
LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Finanzéiert duerch de Fonds climat et énergie

# GEMENGEROTSSËTZUNG
## VUM 18. SEPTEMBER 2024

**PRESENT:**

Här Romain **KILL**, Buergermeeschter, Här René **ERNST**, Madamm Peggy **OLINGER**, Schäffen,

Madamm Sonja **BARTHEL**, Madamm Tracy **BLOOMER**, Här Nicolas **DICKEN**, Här Romain **DICKEN**, Madamm Francine **ERNSTER**, Här Luc **MANGEN**, Conseilleren,

Madamm Joëlle **NICLOU**, Gemengesekretärin

### Ëffentlech Sëtzung:

**1. Informatiounen un de Gemengerot**
De Buergermeeschter huet d'Sëtzung opgemaach an iwwer verschidden Aktivitéiten a Reuniounen informéiert.

D'Madamm Joëlle NICLOU, Gemengesekretärin, huet fir déi leschte Kéier un enger Gemengerotssëtzung deelgeholl, dëst well si hire Posten den 30. September 2024 verléisst. De Schäfferot huet hir Merci gesot fir hir Joren am Déngscht vun der Gemeng Duelem a fir hir Aarbecht als Juristin, Gemengesekretärin an hiren Engagement fir d'Bierger. Si krut alles Guddes gewënscht fir hir nei Aufgab.

Den 2. August war eng Reunioun tëschent dem Schäfferot, dem technesche Service an der Personaldelegatioun.

De 4. August huet de leschte Concert vum Kultursummer am Réimertheater stattfonnt. De Schäfferot huet der Kommissioun fir Kultur, Patrimoine an Tourismus Merci gesot fir d'Organisatioun vun dësem Event.

Den 9. August waren d'Schäfferéit vun Duelem a Bous-Waldbriedemes bei der Iwwerreechung vun de Schlëssele vum neie Ford Ranger, Gefier fir d'Bëschaarbechter, un den Här Tom ENGEL, Preposé vun der Naturverwaltung, zoustänneg fir Duelem, präsent.

De 26. August war eng Reunioun mam Kierchefong betreffend d'Konventiounen déi ze ënnerschreiwen si fir d'Kierchen zu Duelem, Welfreng a Fëlschdref zur Verfügung ze stellen.

De 27. August gouf dem Klimateam de Projet vun der Schoul an der Turnhal virgestallt.

Verschidden Entretienen a Reuniounen si mam Schäfferot ofgehale ginn, ënnert anerem mat Kandidaten, déi hir Kandidatur fir déi ausgeschriwwe fräi Plaze gestallt hunn, mat verschidde Kommissiounen, souwéi mam technesche Service.

Am Aklang mam Gesetz vum 19. Dezember 2009 iwwer déi sozial Hëllef, leeft d'Mandat vun de Vertrieder vun der Gemeng Duelem am Verwaltungsrot vum gemeinsamen Office Social Duelem a Munneref (Här René KIEFFER a Madamm Josée VANDIVINIT) no 6 Joer aus, dat heescht den 31. Dezember 2025.

De Conseiller Här Nicolas DICKEN huet virgeschloen, déi Persounen déi aus de Kommissiounen demissionéiert hunn, ze ersetzen an dobäi d'Wiel vun de Modalitéiten heifir dem Schäfferot ze iwwerloossen.

Den Här Buergermeeschter Romain KILL war der Meenung, dass d'Presidente vun de betraffene Kommissiounen decidéiere sollen, ob et noutwendeg ass, d'Posten nei ze besetzen.

**2. Järleche Gestiounsplang fir d'Bëscher 2025**
Den Här Tom ENGEL, Preposé vun der Naturverwaltung, zoustänneg fir Duelem, huet dem Gemengerot de järleche Gestiounsplang betreffend d'Bëscher fir 2025 virgestallt.

De Gestiounsplang, dee fir d'Joer 2025 en Defizit vun 9.580 € opweist, resultéierend aus dem Betrag vun de virgesinne Recetten iwwer 187.160 € an dem Betrag vun de virgesinnen Ausgaben iwwer 196.740 €, ass eestëmmeg vum Gemengerot ugeholl ginn.

**3. Validatioun vun der definitiver Lëscht vun de Schüler vun der Grondschoul zu Duelem fir d'Schouljoer 2024/2025**
De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi definitiv Lëscht vun de Schüler vun der Grondschoul zu Duelem fir d'Schouljoer 2024/2025 unzehuelen.

### 4. Validatioun vun den Tâchen an der Grondschoul

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Tâchë vum Léierpersonal wéi folgt unzehuelen :

- Madamm Carole SCHUMACHER C2-4, Posten 100%, 2024-2025
- Madamm Catia ASCENCO LONTRO C1, Posten 100%, 2024-2025
- Madamm Lucie LEGILL C2-4, Posten 100%, 2024-2025
- Madamm Denise PIERRE C1, Posten 100%, 2024-2025

### 5. Konventiounen a Kontrakter

#### 5.1. Konventioun betreffend d'Schafe vun engem Observatiounskommitee vun der Regionaler Museksschoul Munneref (RMSM)

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Konventioun betreffend d'Schafe vun engem Observatiounskommitee vun der Regionaler Museksschoul Munneref (RMSM), déi den 22. Juli 2024 ënnerschriwwe gouf tëschent der Gemeng Munneref, der Gemeng Schengen an der Gemeng Duelem, unzehuelen.

#### 5.2. Konventioun Office Social Munneref - Duelem

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Konventioun vum Office Social tëschent dem Lëtzebuerger Staat, de Gemenge Munneref an Duelem an dem gemeinsamen Office Social Munneref-Duelem, déi den 8. Juli 2024 ënnerschriwwe gouf, unzehuelen.

### 6. Nei Statute vum interkommunale Syndicat S.I.A.E.R.

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, déi nei Statute vum interkommunale Syndicat S.I.A.E.R. unzehuelen.

### 7. Demissioun vu Kommissiounsmemberen

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Demissioune vun der Madamm Catherine LANGE aus der Bauten- an Ëmweltkommissioun, der Madamm Mireille JAKUBOWICZ an dem Här Marc CUKIER aus der Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen a vum Här Jean-Michel LANGE aus der Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun, unzehuelen.

### 8. Besetze vum Poste vum Gemengesekretär

De Gemengerot huet beschloss, mat aacht Stëmme fir an enger Enthalung, de Poste vum Gemengesekretär duerch ee Gemengefonctionnaire aus der Gehälterkategorie B, Gehaltsgrupp B1, ab dem 1. Oktober 2024 ze besetzen.

### 9. Schafe vun engem Posten « salarié à tâche intellectuelle » am EMI-Statut (Emploi d'Insertion)

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, e Posten « salarié à tâche intellectuelle » am Kader vun den Artikelen L.541-5 an L.541-6 vum Code de Travail zur Bekämpfung vum Chômage, ze schafen, deemno eng Plaz als Emploi d'Insertion fir laangzäit Aarbechtsloser ze schafen, mat der Absicht, eng Persoun vollzäit (100%) an ouni prezis schoulesch Qualifikatioun als Rezeptionist anzestellen.

### 10. Schafe vun enger Fonctionnaire-Plaz an der Gehaltsgrupp B1, Ënnergrupp «Administratif »

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Schafe vun enger Fonctionnaire-Plaz an der Gehaltsgrupp B1, Ënnergrupp « Administratif », unzehuelen.

### 11. Offer fir d'Uleeën vun enger Streewiss um Kierfecht

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, den Devis iwwer 135.000 € fir d'Uleeën vun engem Erënnerungsgaart an enger Streewiss um ieweschten Deel vum neie Kierfecht zu Duelem, unzehuelen.

### 12. Ännerung vum Allgemenge Verkéiersreglement – Reglementéiere vum Parken um Parking an der Kettegaass zu Duelem

De Gemengerot huet eestëmmeg festgehal, dass op dem amenagéierte Parking an der Kettegaass zu Duelem, op der Parzell ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektioun B vun Duelem, ënnert der Nummer 690/4751, d'Parke limitéiert ass op Gefierer mat engem maximal autoriséierte Gewiicht (PMA) vun 3,5 T a fir eng Maximaldauer vun 48 Stonnen (Signalisatioun: E,23). Beim Verloosse vum Parking mussen d'Gefierer stoe bleiwen an d'Virfaart un de Verkéier vu riets a vu lénks kommend ofginn (Signalisatioun: B,2a).

### 13. Bestätege vu Verkéiersreglementer

De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, folgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen:

- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Waldbriedemeserstrooss zu Duelem, sou wéi et den 30. Juli 2024 geholl ginn ass (Parzell 1557/2845);
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Waldbriedemeserstrooss zu Duelem, sou wéi et den 30. Juli 2024 geholl ginn ass (Parzell 1537/3662);
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Hossegaass zu Duelem, sou wéi et den 20. August 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement um Parking virum Jugendhaus zu Duelem geleeën op Nummer 3 an der Kierlingerstrooss zu Duelem, sou wéi et de 6. September 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement um amenagéierte Parking an der Kettegaass zu Duelem, op der Parzell ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Duelem, Sektioun B vun Duelem, ënnert der Nummer 690/4751, sou wéi et den 10. September 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Waldbriedemeserstrooss zu Duelem, sou wéi et de 17. September 2024 geholl ginn ass (Parzell 1557/2845);
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Waldbriedemeserstrooss zu Duelem, sou wéi et de 17. September 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Kierlingerstrooss zu Duelem, sou wéi et de 17. September 2024 geholl ginn ass.

### Sëtzung ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet :

De Gemengerot huet beschloss, mat 8 Stëmme fir an 1 net valabele Bulletin, den Här Michel LUKIC, vollzäit an ënnert dem Statut vum Gemengefonctionnaire an der Kategorie B, Gehältergrupp B1, Ënnergrupp « administratif », ze nominéieren, fir sech ëm d'« Ressources Humaines » ze këmmeren, souwéi de Gemengesekretär z'assistéieren.



## En neien Challenge

Den 18. September 2024 wor der Madamm Joëlle NICLOU hir lescht Gemengerotssëtzung als Gemengesekretärin vun der Duelemer Gemeng, si huet d'Aufgaben op dësem Poste säit dem 1. September 2021 mat vill Engagement ausgefouert.

**Mir wënschen der Madamm NICLOU fir hiren neie beruffleche Parcours alles Guddes a vill Erfolleg, a soe Merci fir hir wäertvoll Aarbecht.**

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL
## DU 18 SEPTEMBRE 2024

### PRÉSENTS :

*Monsieur Romain **KILL** , bourgmestre, Monsieur René **ERNST,** Madame Peggy **OLINGER,** échevins,*

*Madame Sonja **BARTHEL** , Madame Tracy **BLOOMER,** Monsieur Nicolas **DICKEN,** Monsieur Romain **DICKEN,** Madame Francine **ERNSTER,** Monsieur Luc **MANGEN**, conseillers*

*Madame Joëlle **NICLOU,** secrétaire communale*

### Séance publique :

**1. Informations au conseil communal**
Le Bourgmestre a ouvert la séance en informant sur un certain nombre d'activités et de réunions.

Madame Joëlle NICLOU, secrétaire communale, a participé pour la dernière fois à une séance du conseil communal, vu qu'elle quittera son poste le 30 septembre 2024. Le collège échevinal l'a remerciée pour ses années au service de la commune de Dalheim, et a tenu à saluer le travail qu'elle a effectué en tant que juriste, secrétaire communale et son engagement au profit des citoyens. Il lui a souhaité bonne continuation pour son nouvel emploi et a réitéré ses remerciements.

Le 2 août a eu lieu une réunion entre le collège échevinal, les représentants du service technique et la délégation du personnel.

Le 4 août a eu lieu le dernier concert du « Kultursummer » au théâtre gallo-romain. Le collège échevinal a remercié la Commission de la culture, du patrimoine et du tourisme pour l'organisation de cette manifestation.

Le 9 août les collèges échevinaux de Dalheim et de Bous-Waldbredimus étaient présents lors de la remise des clés du nouveau Ford Ranger à Monsieur Tom ENGEL, Préposé de la nature et des forêts – Triage de Dalheim, véhicule destiné aux ouvriers forestiers.

Le 26 août a eu lieu une réunion avec le Fonds de gestion des édifices religieux en relation avec les conventions à signer pour la mise à disposition des églises de Dalheim, Welfrange et Filsdorf.

Le 27 août le projet de l'école et de la salle de sports a été présenté au Klimateam.

Différents entretiens et réunions ont eu lieu avec le collège échevinal, notamment avec des candidats ayant postulé pour les postes vacants suite aux appels à candidatures, différentes commissions consultatives, ainsi qu'avec le service technique.

Conformément à la loi du 19 décembre 2009 organisant l'aide sociale, le mandat des membres représentant la commune de Dalheim au sein du conseil d'administration de l'office social commun de Dalheim et Mondorf-les-Bains (Monsieur René KIEFFER et Madame Josée VANDIVINIT) prendra fin au bout de 6 ans, en l'occurrence le 31 décembre 2025.

Le conseiller Monsieur Nicolas DICKEN a proposé de remplacer les personnes démissionnaires dans les commissions consultatives, en laissant le choix au collège échevinal quant aux modalités.

Monsieur le bourgmestre Romain KILL était d'avis que les présidents des trois commissions en question décideront s'il y a lieu de procéder ou non aux remplacements.

**2. Plan de gestion annuel des forêts 2025**
Monsieur Tom ENGEL, Préposé de la nature et des forêts – Triage de Dalheim, a présenté le plan de gestion annuel des forêts 2025 au conseil communal.

Le plan de gestion qui prévoit pour l'année 2025 un déficit de 9.580 €, résultant d'un montant de recettes prévu de 187.160 € et d'un montant de dépenses prévu de 196.740 €, a été approuvé à l'unanimité par le conseil communal.

**3. Validation de la liste définitive des élèves de l'école fondamentale de la commune de Dalheim pour l'année scolaire 2024/2025**
Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver la liste définitive des élèves de l'école fondamentale de la commune de Dalheim pour l'année scolaire 2024/2025.

### 4. Validation des tâches dans l'enseignement fondamental

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver les tâches du personnel enseignant suivant :*

- *Madame Carole SCHUMACHER C2-4, poste 100%, 2024-2025*
- *Madame Catia ASCENCO LONTRO C1, poste 100%, 2024-2025*
- *Madame Lucie LEGILL C2-4, poste 100%, 2024-2025*
- *Madame Denise PIERRE C1, poste 100%, 2024-2025*

### 5. Conventions et contrats

#### 5.1. Convention intercommunale portant institution d'un comité d'observation de la « Regional Museksschoul Munneref » (RMSM)

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver la convention intercommunale portant institution d'un comité d'observation de la « Regional Museksschoul Munneref » (RMSM), signée en date du 22 juillet 2024 entre l'Administration communale de Mondorf-les-Bains, l'Administration communale de Schengen et l'Administration communale de Dalheim.*

#### 5.2. Convention Office social commun Mondorf-les-Bains - Dalheim

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver la convention de l'Office social commun entre l'Etat du Grand-Duché de Luxembourg, les Communes de Mondorf-les-Bains et Dalheim et l'Office social commun Mondorf-les-Bains-Dalheim, signée en date du 8 juillet 2024.*

### 6. Nouveaux statuts du syndicat intercommunal S.I.A.E.R.

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver les nouveaux statuts du syndicat intercommunal S.I.A.E.R.*

### 7. Démission de membres de commissions consultatives

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'accepter la démission de Madame Catherine LANGE de la commission de l'urbanisme et de l'environnement, de Madame Mireille JAKUBOWICZ et Monsieur Marc CUKIER de la commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel et de Monsieur Jean-Michel LANGE de la commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention.*

### 8. Occupation du poste du secrétaire communal

*Le conseil communal a décidé, avec huit voix pour et une abstention, d'accepter l'occupation du poste de secrétaire communal par un fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, à partir du 1er octobre 2024.*

### 9. Création de poste salarié à tâche intellectuelle statut EMI (emploi d'insertion)

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'accepter de créer un poste de salarié à tâche intellectuelle dans le cadre des articles L.541-5 et L.541-6 du Code de travail visant à lutter contre le chômage, soit un poste en tant qu'emploi d'insertion pour chômeurs de longue durée en vue de recruter une personne en qualité de réceptionniste pour une tâche à plein temps (100%) et sans qualification scolaire précise requise.*

### 10. Création de poste fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1 sous-groupe administratif

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver la création de poste d'un fonctionnaire communal dans le groupe de traitement B1 sous-groupe administratif.*

### 11. Devis pour la mise en place d'une pelouse de dispersion des cendres au cimetière

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver le devis s'élevant à 135.000 € pour l'aménagement d'un jardin de souvenir et d'une pelouse de dispersion des cendres sur la partie supérieure du nouveau cimetière de Dalheim.*

**12. Modification du règlement général de circulation - Réglementation du stationnement sur le parking aux abords de la Kettegaass à Dalheim**

*Le conseil communal a arrêté à l'unanimité des membres présents, que sur le parking aménagé dans la rue «Kettegaass» à Dalheim, sur la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section B de Dalheim, sous le numéro 690/4751, le stationnement est limité aux véhicules d'un poids maximal autorisé (PMA) inférieur ou égal à 3,5 t et pour une durée maximale de 48 heures (signalisation: E,23) et que lors de la sortie du parking précité, les véhicules doivent s'arrêter avant de s'engager sur la chaussée de la rue «Kettegaass» à Dalheim et céder le passage aux conducteurs qui circulent dans les deux sens sur cette chaussée (signalisation: B,2a).*

**13. Confirmation de règlements de circulation**

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, par un vote en bloc, de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants:*

- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue «Waldbriedemeserstrooss» à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 30 juillet 2024 (parcelle 1557/2845);*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue «Waldbriedemeserstrooss» à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 30 juillet 2024 (parcelle 1537/3662);*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Hossegaass » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 20 août 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire sur le parking devant la maison des jeunes de Dalheim sise au numéro 3 de la rue « Kierlingerstrooss » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 6 septembre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire sur le parking aménagé dans la rue « Kettegaass » à Dalheim, sur la parcelle inscrite au cadastre de la commune de Dalheim, section B de Dalheim, sous le numéro 690/4751 tel qu'il a été pris en date du 10 septembre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Waldbriedemeserstrooss» à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 17 septembre 2024 (parcelle 1557/2845);*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Waldbriedemeserstrooss» à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 17 septembre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Kierlingerstrooss » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 17 septembre 2024.*

**En séance à huis clos :**

*Le conseil communal a décidé, avec 8 voix pour et 1 bulletin non-valable, de nommer Monsieur Michel LUKIC, à plein temps et sous le statut du fonctionnaire communal dans la catégorie B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour s'occuper du domaine des ressources humaines ainsi que d'assister le secrétaire communal.*

# GEMENGEROTSSËTZUNG
## VUM 15. OKTOBER 2024

### Ëffentlech Sëtzung:

**1. Laangfristegt Ersetze vum Gemengesekretär**
De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, dat laangfristegt Ersetze vum Gemengesekretär duerch d'Madamm Romaine RASSEL unzehuelen.

**2. Konventiounen a Kontrakter**
De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, d'Konventioun fir d'Joer 2024 betreffend de Club Senior Syrdall, déi den 3. Juni 2024 ënnerschriwwe gouf, unzehuelen.

D'Madamm Francine ERNSTER, Conseiller, erkläert, dass de Club Senior Syrdall ab dem 1. Januar 2025 vun der Croix-Rouge iwwerholl gëtt an ënnert dem Numm « Doheem versuergt » weidergefouert gëtt. Si weist och drop hin, dass 83 % vun de Personalkäschten, déi ënnert de konventionéierte Poste falen, vum Familljeministère iwwerholl ginn, a 17 % vun der Gemeng.

**3. Bestätege vu Verkéiersreglementer**
De Gemengerot huet eestëmmeg beschloss, duerch eng global Ofstëmmung, folgend zäitweileg Verkéiersreglementer ze bestätegen:

- dat zäitweilegt Verkéiersreglement am Réimecherwee zu Welfreng, sou wéi et den 11. Oktober 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement um amenagéierte Parking an der Kettegaass, Parzell 690/4751 zu Duelem, sou wéi et den 8. Oktober 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement am Faehrwee zu Welfreng, sou wéi et den 8. Oktober 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Hossegaass zu Duelem, sou wéi et de 4. Oktober 2024 geholl ginn ass;
- dat zäitweilegt Verkéiersreglement an der Dräikantonstrooss an an der Munneréferstrooss zu Fëlschdref, sou wéi et de 24. September 2024 geholl ginn ass.

**Sëtzung ënner Ausschloss vun der Ëffentlechkeet :**
D'Madamm Tamara MANGERICH gouf eestëmmeg als Gemengefonctionnaire an der Gehälterkategorie B, Gehaltsgrupp B1, Ënnergrupp « administratif », ernannt, fir dee fräie Posten ze besetzen, en vue vum Ersetze vum Gemengesekretär.

**PRESENT:**

Här Romain **KILL**, Buergermeeschter, Här René **ERNST**, Madamm Peggy **OLINGER**, Schäffen,

Madamm Sonja **BARTHEL**, Här Nicolas **DICKEN**, Här Romain **DICKEN**, Madamm Francine **ERNSTER**, Här Luc **MANGEN**, Conseilleren,

Madamm Romaine **RASSEL**, Gemengesekretärin f.f.

**ENTSCHËLLEGT :**

Madamm Tracy **BLOOMER** (huet duerch Procuratioun ofgestëmmt)

# SEANCE DU CONSEIL COMMUNAL
## DU 15 OCTOBRE 2024

***Séance publique :***

**1. Remplacement de longue durée du secrétaire communal**

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver le remplacement de longue durée du secrétaire communal par Madame Romaine RASSEL.*

**2. Conventions et contrats**

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, d'approuver la convention pour l'année 2024 relative au Club Senior Syrdall signée le 3 juin 2024.*

*Madame Francine ERNSTER, conseiller, explique qu'à partir du 1er janvier 2025 le Club Senior Syrdall sera repris par la Croix-Rouge et deviendra « Doheem versuergt ». Elle précise également que les frais de personnel éligibles aux postes conventionnés sont pris en charge à 83% par le Ministère de la Famille et à 17% par la commune.*

**3. Confirmation de règlements de circulation**

*Le conseil communal a décidé à l'unanimité des membres présents, par un vote en bloc, de confirmer les règlements de circulation à caractère temporaire suivants:*

- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Réimecherwee » à Welfrange tel qu'il a été pris en date du 11 octobre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire sur le parking aménagé dans la rue « Kettegaass » parcelle 690/4751 à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 8 octobre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Faehrwee » à Welfrange tel qu'il a été pris en date du 8 octobre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans la rue « Hossegaass » à Dalheim tel qu'il a été pris en date du 4 octobre 2024;*
- *le règlement de circulation à caractère temporaire dans les rues « Dräikantonstrooss » et « Munneréferstrooss » à Filsdorf tel qu'il a été pris en date du 24 septembre 2024.*

**PRÉSENTS:**

M. Romain **KILL**, bourgmestre, M. René **ERNST**, Mme Peggy **OLINGER**, échevins,

Mme Sonja **BARTHEL**, M. Nicolas **DICKEN**, M. Romain **DICKEN**, Mme Francine **ERNSTER**, M. Luc **MANGEN**, conseillers,

Mme Romaine **RASSEL**, secrétaire communale f.f.

**EXCUSES :**

Mme Tracy **BLOOMER**
(a voté par procuration)

***En séance à huis clos :***

Madame Tamara MANGERICH a été nommée à l'unanimité des membres présents comme fonctionnaire communal dans la catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif, pour occuper le poste vacant et en vue de remplacer le secrétaire communal.

# État Civil 2024

## Gebuerten / *Naissances*

Rebronja Zeyna 10.08.2024
Chandramudy Thevanen Pillay 03.09.2024
Chandramudy Theyannah Sornum 03.09.2024
Zucca Boutiba Yliam 08.09.2024
Schroeder Entringer Lyo Jay 12.09.2024
Biever Ted 14.09.2024
Engeldinger Marlo 28.09.2024

## Stierffäll / *Décès*

Ansorg Karin Sabine 03.08.2024
Stanimirovic Verka 19.08.2024
Ehret Yves 18.09.2024
Flick Henri 26.09.2024
Schleck Camille Laurent 07.10.2024
Dos Santos Reto Jaime 16.10.2024
Vandivinit Nico André 07.11.2024
Muller Jean Paul 08.11.2024

## Hochzäiten / *Mariages*

06.09.2024
De Sousa Valente Xavier
& Serres Laurence

13.09.2024
Bouriaud Guillaume Christian Anthony
& Barroy Charlotte Clara

14.09.2024
Wagner Nicolas Eugène
& Peters Chantal Elise

27.09.2024
Ehret Richard
& Moris Cynthia

18.10.2024
Schuller Gary
& Seiler Estelle

25.10.2024
Soares José Carlos
& Rodrigues Lopes Carla Sofia

28.10.2024
Sium Yemane Tesfom
& Solomon Weldemariam Nebyat

## Duelemer Kultur-Summer 2024

### Nei Téin an ale Kulissen

De Summer 2024 wäert ganz sécher net an Erënnerung bleiwen als e ganz schéinen, an dach hate mir mat den Eventer, déi d´Kulturkommissioun vun Enn Juni bis Ufank August am ale Réimertheater organiséiert hat, vum Wieder hier ganz vill Chance, well mir mat eise ville Gäscht ëmmer konnten am Dréchene sëtzen, an dat souwuel banne wéi bausse vum Theater.

Déi nei Kulturkommissioun, déi no de Wale vum Juni 2023 eréischt Enn vum Joer konnt hir Aarbecht ophuelen, konnt bei der Planung a bei der Organisatioun vun den Eventer op e puer nei Memberen zréckgräifen, déi net nëmmen aner Iddien erabruecht, mee och a punkto Virbereedung a Werbung fir frësche Wand gesuergt hunn.

Sou huet d´Kulturkommissioun net nëmme méi Concerten – 7 aplaz vu bis elo ëmmer 4 oder 5 – op d´Bee gestallt, mee huet och fir méi e breede Spektrum vu Museksrichtunge gesuergt, wat ënner dem Stréch vun eisen traditionelle Clientë grad esou positiv opgeholl gouf wéi vun deenen neie Gäscht, déi mir op deem Wee zu Duelem konnte begréissen.

### E gefleegten Emfank

Ganz gutt geklappt huet déi nei Formule, déi mir fir d´Bewiertung vun de Gäscht am Theater agefouert haten a bei där mir op d´Zesummenaarbecht mat verschidde Veräiner gesat hunn. Ofwiesselnd hunn den Taekwondo, den FC Les Aiglons an d´Amis de la Cerisaie souwuel de Läschweenche wéi och de Grill funktionéiere gelooss, sou dass d´Leit vun der Kommissioun sech ganz op hier eigentlech Aufgabe konnte konzentréieren.

Dat Ganzt huet gutt funktionéiert a kann, mat e puer punktuelle Verännerungen, och an Zukunft esou praktizéiert ginn.

Vu besonneschem Wäert war awer och eng weider Kéier, dass d`Famill Linden – e ganz schéine Merci! - als Proprietären äis nees d´Plaz virum Theater iwwerlooss huet fir do eis Equipementer a Miwwelen opzestellen, wou d´Leit virun a no den Eventer e puer roueg Momenter konnte verbréngen.

E net manner grousse Merci geet un deen neien « Centre des Monuments du Grand-Duché de Luxembourg » (CML) fir seng Autorisatioun, den Theater fir eis kulturell Manifestatiounen ze notzen.

**Elo awer zum eigentleche Programm:**
### Eng musikalesch Rees mat der Duelemer Fanfare

E flotten a beschwéngte Programm huet äis gläich um éischte Concert de **27. Juni** déi Duelemer Fanfare gebueden, déi äis am vollbesaten Theater mat op eng interessant Rees duerch eng Rei echt an imaginär Länner geholl huet, bei där et vun Nord no Süd a vun Ost no West gaangen ass.

Well dee Concert eise Museksfrënn gratis offréiert konnt ginn – d´Fanfare hat op eng Gage verzicht -, konnte mir bei enger Spendenaktioun zugonschte vun den Amis de la Cerisaie ëmmerhi ronn 600 Euro sammelen, déi am Kader vun engem spéidere Concert konnten un déi richteg Adress iwwerreecht ginn.


© Christiane Hermes




© Christiane Hermes

## Let it swing!

Net manner schmësseg goung et beim nächste Concert de **4. Juli** zou, fir dee mir de Grupp OPUS 78, gegrënnt viru méi wéi 40 Joer, konnten engagéieren a wou all Frënn vu gefleegter Blosmusek voll op hir Käschte sollte kommen. De Sound vun enger Big Band ass fir vill Leit nach ëmmer de Nec-Plus-Ultra vun engem gelongene Concert, an do konnt nu wierklech jiddwereе vun de ville Gäscht zefridden heem goen.

Vu Swing iwwer Funk bis Pop koume ganz vill méi oder och manner bekannte Stécker zur Opféierung, déi gewisen hunn, dass den Ensembel trotz enger scho méi laanger Existenz zu Lëtzebuerg mat villen Optrëtter och am noen a méi wäiten Ausland nach kengeswees zum alen Eise muss gezielt ginn. Si begeeschtere weider all Frënn vun dësem Museksgenre.



© Christiane Hermes



© Christiane Hermes

## Kritesche Réckbléck op eng schwéier Zäit

Bewosst Neiland huet d´Kulturkommissioun beschratt mat de Verflichtung vum lëtzebuergesche Schrëftsteller Jhemp Schuster, begleet op eng ganz besonnesch fein Aart a Weis vum Claire Parsons, deen den 11. Juli fir eng Autore-Liesung op Duelem an de Réimertheater komm war. Um Programm stoung mat «Béischten» dat neiste Wierk vum zäitkritesche Schrëftsteller, deen no «Bluttsëffer» an «Ouereschlëffer» e weidert Kapitel Geschicht vum 20. Joerhonnert opgeschafft huet, dat déi onséileg Krichszäit an engem fiktiven Duerf an d´Verstréckung vun de «normale» Leit an de Mëttelpunkt gezunn huet.

Déi fein ofgestëmmte Musek vun der Virtuosin Claire Parsons, déi komplett nei Tounkombinatiounen konnt ervirzauberen, huet deem leider net iwwerméisseg gutt besichten, dofir awer héichklassegen Owend d´Kroun opgesat.

## All that Jazz!

Gläich zwou Lëtzebuerger Formatiounen hunn den **18. Juli** zou engem echten Jazz-Event am antike Réimertheater gemaach mat ganz héichwäerteger Musek, fir déi och zum Deel e ganz neie Publikum op Duelem komm war. Fir d´éischt war et de Maxim Bender Trio, dee mat groussem Kënnen a staark emotionaler Musek ze begeeschtere wosst an d´Leit op de Gradinen a säi Bann gezunn huet. Iwwerzeege konnte virun allem verschidden instrumental Soli, déi eng héich kënschtleresch Sensibilitéit erkenne gelooss hunn.


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes

Dat gëllt iwwregens am selwechte Mooss fir den Daniel Migliosi Quintett, deen no der Paus d´Relève geholl huet an eng groussaarteg Performance op d´Bün konnt bréngen. Den international erfuerenen Trompettist Migliosi huet mat senge Solisten eng ganz breet Pallett vun Jazz-Musek präsentéiert, déi d´Zuel vun den Unhänger vun deem Musek-Genre deen Owend dierft erhéicht hunn.


© Christiane Hermes

## For me Formidable – Paris et la France en Musique

Trei Gäscht hate mir de **25. Juli** zu Duelem op Besuch mam Yannchen Hoffmann a Carlo Hartmann, déi no Operett, Wiener Schrammeln an Dicksereien an de leschte Joren des Kéier de Rideau grouss opgemaach hunn op Frankräich a Paräis. Si hunn äis op eng charmant Aart a Weis déi schéinste Chansons präsentéiert, déi virun allem dat mënschlecht, dat allze mënschlecht Bild vun der «douce France» an hirer schéiner Haaptstad gewisen hunn.

Well et sech gréisstendeels ëm Lidder gehandelt huet, déi virun 100 Joer «in» waren, huet natierlech och déi obligat Garderob aus där Zäit net dierfe feelen. Alles an allem nees eng Kéier e ganz gelongenen Optrëtt vun der Koppel Hoffmann-Hartmann.

## D´Cojellico´s Jangen an hir Spiichten op der Bün

E grousse Programm mat gläich zwéi separat Concerten huet de **4. August** den Ofschloss gemaach vun eisem Kultursummer 2024. Zwar stoung déi Duebelopféierung ënner dem Motto vum «Wine Culture, Enjoy» vum ORT Miselerland, mee leider huet vun deene Leit keen sech blécke gelooss.

Dat huet awer dem Erfolleg vun der Veranstaltung keen Ofbroch gedoen. D´Jangen hunn sech, ganz oft eendeiteg zweedeiteg, an Toppform präsentéiert an de Publikum net nëmmen un d´Schmunzelen, mee méi wéi eng Kéier och richteg un d´Laache bruecht.


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes

## De Serge Tonnar op neie Weeër

E «Wiederholungstäter» war deen Dag och de Serge Tonnar, deen sech dës Kéier am Trio präsentéiert an, vun him ganz ongewinnt, Jazz-Téin ukléngе gelooss huet, déi nawell gutt ukomm sinn. Seng «Mat-Täter» Boris Schmidt a Michel Meis hu ganz wierkungsvoll fir dee leschte musikalesche Schlëff gesuergt.


© Christiane Hermes


© Christiane Hermes

Basis vum Serge Tonnar sengem Optrëtt waren natierlech eemol méi seng gesellschaftskritesch Lidder, déi awer duerch déi ongewinnt Begleedung an en neie Kader gestallt goufen. Tonnar at it´s best!

Merci

An domat hätte mir dann och dëst Joer den Tour gemaach duerch e Kultursummer, dee mat iwwer 700 Leit esou vill Besuch hat wéi nach ni, dee mat 7 Optrëtter esou vill Aktivitéiten hat wéi nach ni, an deen doduerch och a gudder Erënnerung dierft bleiwen.

Feelt nach just de Merci un d´Gemengepersonal, dat eemol méi fir all Uleies eng Léisung fonnt huet, un d´Vertrieder vum Taekwondo Duelem, vum FC Les Aiglons Duelem a vun den Amis de la Cerisaie fir hir verlässlech Aarbecht hanner dem Comptoir an dem Grill, a net fir d´lescht un d´Kolleeginnen a Kolleege vun der Kulturkommissioun, déi vill Stonnen opbruecht hunn, fir datt alles soll klappen.

Mir schaffe schonn um Duelemer Kultursummer 2025 an hoffen, Iech do erëmzegesinn!

*Nic. Dicken, President vun der Kulturkommissioun*


© Amis de la Cerisaie

## Sport a Beweegung a menger Gemeng

Den **2. August 2024** huet den Institut National de l'Activité Physique et des Sports (INAPS) mat Ënnerstëtzung vum Sportsministère zu engem Dag mam Thema „Sport a Beweegung a menger Gemeng" an d'Maison du Luxembourg zu Paräis agelueden. De Romain DICKEN, Gemengerotsmember a President vun der Jugend- a Sportskommissioun, huet d'Duelemer Gemeng op dësem Event vertrueden.
Den Dag war gepräägt vu ville Workshops, déi net nëmmen en intensiven Austausch vu Wëssen erméiglecht, mee och d'Geleeënheet gebueden hunn, sech an interessanten a konstruktive Gespréicher auszetauschen. Déi Bedeelegt hu vill nei Iddien a Perspektive gewonnen, déi bestëmmt wäertvoll Impulser fir d'Fërderung vum Sport a der Beweegung an eiser Gemeng wäerte bréngen.


© Romain Dicken


© Romain Dicken



© Romain Dicken

## En neit Gefier fir d'Bëschaarbechter

Den **9. August 2024** gouf bei der technescher Hal zu Duelem de Schlëssel vum neie Ford Ranger fir d'Bëschaarbechter un den Här Tom ENGEL, Preposé vun der Naturverwaltung, zoustänneg fir den Triage Duelem, iwwerreecht. Bei déser Geleeënheet waren d'Schäfferéit vu Bous-Waldbriedemes an Duelem, souwéi de Fierschter Tom ENGEL mat senger Equipe present.

Dëse neie Won gëtt vu béide Gemengen, Bous-Waldriedemes an Duelem, finanzéiert.


©Jos Mathey

## Schoulrentrée zu Duelem

De **16. September 2024** wor fir 196 Schülerinnen a Schüler, wéi och d'Léierpersonal d'Rentrée no der Summervakanz.

D'Schoulklasse fir d'Joer 2024/2025 si wéi folgt opgedeelt:

24 Schülerinnen a Schüler am **Precoce**
27 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 1.1**
22 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 1.2**
20 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 2.1**
30 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 2.2**
22 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 3.1**
29 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 3.2**
11 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 4.1**
11 Schülerinnen a Schüler am **Cycle 4.2**


© Peggy Olinger

## *Rentrée scolaire à Dalheim*

*Le **16 septembre 2024** a eu lieu la rentrée des classes après les vacances d'été pour 196 élèves, ainsi que pour le personnel enseignant.*

*Les classes pour l'année scolaire 2024/2025 sont réparties comme suit:*


© Gemeng Duelem

24 élèves au **Précoce**
27 élèves au **Cycle 1.1**
22 élèves au **Cycle 1.2**
20 élèves au **Cycle 2.1**
30 élèves au **Cycle 2.2**
22 élèves au **Cycle 3.1**
29 élèves au **Cycle 3.2**
11 élèves au **Cycle 4.1**
11 élèves au **Cycle 4.2**

## Generalversammlung vum FC Aiglons Dalheim a.s.b.l.

Den **19. September 2024** ass d'Generalversammlung vun der FC Aiglons Dalheim asbl an der Buvette um Fussballsterrain zu Duelem ofgehale ginn.


© Peggy Olinger

## KONSCHTMAART ZU DUELEM


© Peggy Olinger

Sonndes, den **22. September 2024** huet de mëttlerweil traditionelle Konschtmaart op enger neier Plaz stattfonnt. Organiséiert vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng Duelem, ass de Konschtmaart dëst Joer an der Kierlingerstrooss, tëscht dem Fussballsterrain an dem Foyer La Cerisaie, ofgehale ginn.

Bei herrlechem Wieder konnten d'Visiteuren op de Stänn vun de Veräiner an Associatiounen allerhand iessen a Gedrénks genéissen. D'Aussteller hunn hir Konscht a Produite presentéiert, vu Bijouen, Biller, bis hin zu dekorativen Artikelen, handgemaachter Poterie a lokale Wäiner.

Fir eng flott musikalesch Stëmmung hunn d'7 Moukekingen, Vallée des 7 Châteaux, MAYB2 an Duo Stéphane, gesuergt.

## *"KONSCHTMAART" A DALHEIM*

*Le dimanche* ***22 septembre 2024****, le traditionnel "Konschtmaart" s'est tenu dans un nouvel emplacement. Organisé par la commission culturelle de la commune de Dalheim, le "Konschtmaart" a eu lieu cette année dans la rue Kierlingerstrooss, entre le terrain de football et le foyer La Cerisaie.*

*Sous un beau ciel ensoleillé, les visiteurs ont pu profiter des stands des associations et clubs locaux, proposant divers plats et boissons. Les exposants ont présenté leurs œuvres et produits, allant des bijoux, tableaux, aux articles de décoration, poteries artisanales et vins locaux.*

*Les groupes 7 Moukekingen, Vallée des 7 Châteaux, MAYB2, et Duo Stéphane ont assuré une agréable ambiance musicale.*


© Tammy Georges


© Scouten

## Duelemer Scouten

Eist Scoutsjoer ass am September offiziell nees lassgaangen. **Samschdes den 28ten** hu mir Kleng a Grouss, vum Cycle 2 un, ob eise Schnupperdag invitéiert. Zahlreich Gäscht haten de Wee ob Duelem fonnt fir bei Spill a Bastelaarbecht e flotte Moien ze verbréngen. No der Aarbecht huet dunn e leckeren Eisekuch an eppes ze Drénken ob déi Kleng geward. Déi Eltere wou dëse Moie bei eis verbruecht haten, sinn och mat Eisekuch an enger Taass Kaffi verwinnt ginn. Dësen Dag

war en Erfolleg, mir kennen nees e puer nei Member an eiser Mëtt begréissen.

Eng aner flott Aktioun, nach virum Schnupperdag, war de Konscht- a Kulturmoart zu Duelem. Och hei ware mir nees mat e puer Mann um Dill. Mir hunn och hei de Leit e leckeren Eisekuch an eng Taass Kaffi als Dessert ugebueden. Mat dem Erléis vun dësem Dag ënnerstëtze mir deen een oder anere Projet vum Scoutsverband.


© Scouten

Déi läscht grouss Aktivitéit wor eis Mäertensfeier den 9ten November. Mir hu mat dëser Feier eise Patréiner geéiert. No enger Mass, mat klengem Rollespill fir de Leit d'Mäertensgeschicht mei no ze bréngen, hu mir e Cortège mat Lanteren a Musek duerch Duerf gemaach. Duerno wor jiddereen ob e gudde Maufel an e Patt bei eis beim Home invitéiert. Ganz am Sënn vum Hellege Mäerten hu mir eng grouss Spendenaktioun gemaach, an hunn e ganze Koup Bicher, Spillsaachen, Kleeder asw. un d`Fondatioun Maison de la Porte Ouverte weidergi, fir benodeelegt Kanner.


© Scouten

Wann dir interesséiert sidd eisem Grupp bäizetrieden dann zeckt net a kontaktéiert eis. Egal ob als Scout, Chef oder Amicalemember all Hand gëtt gebraucht an ass Wëllkomm.

*Aer Scoutsekipp*


© Scouten


© Scouten

## Generalversammlung vun der Chorale Caecilia Fëlschdref

De **25. September 2024** ass d'Generalversammlung vun der Chorale Caecilia Fëlschdref am Centre Culturel "Nei Schoul" zu Fëlschdref ofgehale ginn.


© Sacha Georges

## Pappendagsfeier


© Romain Kill

Den **10. Oktober 2024** haten de Schäffen– a Gemengerot, an Zesummenaarbecht mat der Drëttalterskommissioun, all Pappen a Männer ab 60 Joer aus den Dierfer Duelem, Fëlschdref a Welfreng, zesumme mat hire Partnerinnen, op eng gemittlech Feier matt enger genësseger Assiette an de Centre Culturel zu Duelem invitéiert.

*Le **10 octobre 2024**, le collège échevinal et le conseil communal, en collaboration avec la Commission du Troisième Âge, avaient invité tous les pères et hommes des villages Dalheim, Filsdorf et Welfrange, âgés de 60 ans et plus, ensemble avec leurs partenaires, à passer un moment convivial autour d'un repas froid au Centre Culturel à Dalheim.*


© Romain Kill


© Romain Kill



© Tammy Georges

## Pot de Bienvenue

Den **11. Oktober 2024** haten de Schäffen- a Gemengerot, an Zesummenaarbecht mat der Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen ee "Pot de Bienvenue" am Centre Culturel zu Duelem organiséiert fir déi nei Awunner häerzlech ze begréissen. Dësen Event huet d'Geleeënheet gebueden, d'Membere vum Schäffen- a Gemengerot, d'Kommissiounen, souwéi déi verschidde Veräiner a Clibb aus der Gemeng kennenzeléieren. An enger gemittlecher Atmosphär konnten d'Leit sech bei de verschiddene Bedeelegten informéieren, a sech iwwer d'Aktivitéiten, déi an den Dierfer ugebuede ginn, austauschen.



© Tammy Georges

D'Kommissioun vun der Egalitéit a vum interkulturellen Zesummeliewen hat fir dës Geleeënheet eng Brochure ausgeschafft, an där Informatiounen ze fanne sinn, wéi wichteg Adressen an Telefonsnummeren, souwéi Informatiounen zu de verschiddene Veräiner a Clibb.

D'Awunner hunn déi flott Geleeënheet genotzt, sech bei engem Gedrénks an engem klenge Maufel besser kennenzeléieren a sech iwwer gemeinsam Interessen ze ënnerhalen. Vill flott Gespréicher sinn entstanen, wouduerch nei Bekanntschafte konnte geknäppt ginn an d'Integratioun an d'Gemeng vereinfacht gouf.

Als klenge Cadeau kruten déi nei Awunner en Dampmelder vun der Gemeng offréiert.

*Le **11 octobre 2024**, le conseil échevinal et le conseil communal, en collaboration avec la Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel, ont organisé un "Pot de Bienvenue" au Centre Culturel de Dalheim pour accueillir chaleureusement les nouveaux habitants. Cet événement a offert l'occasion de rencontrer les membres du conseil échevinal et du conseil communal, les commissions, ainsi que les différentes associations et clubs de la commune. Dans une ambiance conviviale, les participants ont pu s'informer auprès des différents intervenants et s'échanger sur les activités proposées dans les villages.*

*La Commission de l'égalité et du vivre-ensemble interculturel avait élaboré pour cette occasion une brochure contenant des informations utiles, telles que des adresses et numéros de téléphone importants, ainsi que des renseignements sur les diverses associations et clubs locaux.*

*Les habitants ont profité de cette belle opportunité pour faire connaissance autour d'un verre et d'une petite collation, tout en discutant de leurs intérêts communs. De nombreux échanges chaleureux ont eu lieu, permettant de nouer de nouvelles connaissances et de faciliter l'intégration au sein de la commune.*

*Un détecteur de fumée a été offert par la Commune aux nouveaux habitants.*




© Tammy Georges



© Sacha Georges

## Commemoratiounsdag

Samschdes, **den 12. Oktober 2024**, huet d'Gemeng Duelem, wéi dat all Joer traditionell de Fall ass, un di verstuerwen Affer aus dem Zweete Weltkrich erënnert.

An engem Cortège, ugefouert vun de Pompjeeën a musikalesch begleet vun der Fanfare Gemeng Duelem, hunn d'Membere vum Schäffen- a Gemengerot, d'Scouten a Matbierger aus der Gemeng, sech zesumme fonnt. Si si vun der Gemengeplaz erop an déi Duelemer Kierch gaange, wou eng Gedenkmass fir d'Affer ofgehale gouf. Dës Mass gouf musikalesch vun der Chorale Duelem ënnermoolt.

No der Mass ass eng Gerbe beim Monument niddergeleuecht ginn, wou uschléissend eng Ried vum Här Buergermeeschter gehale gouf am Gedenken un all di gefalen Affer.

D'Gemeng seet all de Leit Merci déi duerch hier Presenz all Joer dozou bäidroen, dësen nationale Commemoratiounsdag am Bewosstsi vun der Bevëlkerung ze halen, an op dës Manéier déi wichteg Erënnerung un d'Vergaangenheet ze erhalen an un déi nächst Generatioune weiderzeginn.




© Sacha Georges

## *Journée de Commémoration*

*Le samedi **12 octobre 2024**, la commune de Dalheim a, comme chaque année, honoré la mémoire des victimes de la Seconde Guerre mondiale.*

*Un cortège, dirigé par les pompiers et accompagné musicalement par la Fanfare de la Commune de Dalheim, a rassemblé les membres du collège échevinal, du conseil communal, des scouts, ainsi que des habitants de la commune. Ils se sont dirigés de la place communale vers l'église de Dalheim, où une messe commémorative a été célébrée en mémoire des victimes. Cette messe a été soutenue musicalement par la Chorale de Dalheim.*

*Après la messe, une gerbe a été déposée au Monument aux Morts et le bourgmestre a prononcé un discours en hommage à toutes les victimes tombées.*

*La commune tient à remercier toutes les personnes qui, par leur présence, contribuent chaque année à maintenir cette journée nationale de commémoration dans la conscience collective, perpétuant ainsi le devoir de mémoire et le transmettant aux générations futures.*



© Sacha Georges

## Hierschtlaf

Den **19. Oktober 2024** hat d'Jugend- a Sportskommissioun Duelem en Hierschtlaf fir jonk an net esou jonk om Bombaasch zu Duelem organiséiert.

Dësen Hierschtlaf vun 1,5 km wor an dräi Kategorien agedeelt, fir déi 20-50 järeg, fir déi 11-20 järeg a fir Famille mat Kanner bis 10 Joer. D'Zil vun dësem Hierschtlaf wor et Jonk an Al fir eng sportlech Aktivitéit ze motivéieren an dobäi Spaass ze hunn.

Den Taekwondo Duelem huet fir d'Iessen a Gedrénks gesuergt.

D'Wieder wor op der Säit vun den Organisateuren a Participanten, sou dass et e gelongenen Dag wor.


© Jugend- a Sportskommissioun


© Jugend- a Sportskommissioun

## *Course d'automne*

*Le **19 octobre 2024**, la Commission de la jeunesse et des sports de Dalheim a organisé une course d'automne pour jeunes et moins jeunes au Bombaasch à Dalheim.*

*Cette course de 1,5 km était divisée en trois catégories, pour les âgés de 20-50 ans, de 11-20 ans, et pour les familles avec des enfants jusqu'à 10 ans. L'objectif de cette course d'automne était de motiver les jeunes et les moins jeunes à pratiquer une activité sportive tout en s'amusant.*

*Le club de Taekwondo de Dalheim s'est chargé de la grillade et des boissons.*

*Le temps était du côté des organisateurs et participants, ce qui a fait de cette journée un véritable succès.*

## *Woch vun der Demokratie am SEA "An de Wolleken" am Oktober 2024*

Wärend der ***„Woch vun der Demokratie"*** hu mir pädagogesch Aktivitéite mat de Kanner gemaach iwwer d'Themen "Wat ass Demokratie?" a "Wat heescht Participatioun?".

Donieft gouf e Parlament gewielt, fir deen d'Kanner aus de Cyclen sech konnten opstellen.
Déi jeeweileg Vertrieder goufen demokratesch vun alle Kanner aus der Maison Relais gewielt.

D'Zil vun den Aktivitéite war et, de Kanner de Wäert vun Demokratie a Participatioun ze weisen.

*SEA An de Wolleken*



© SEA An de Wolleken


© Carlos Gomes

## Nohaltegkeet a Sécherheet an der Schoul

De **25. Oktober 2024** war de Schäfferot, souwéi Membere vum Klimateam, de Schülerinnen a Schüler aus der Grondschoul vun Duelem Waasserbidonge verdeelen. Dës Bidongen, hiergestallt aus recycléiertem Inox, versi mat de Logoe vun der Gemeng Duelem an dem Klimapakt, stinn als Symbol fir de gemeinsame Schrëtt an eng méi nohalteg Zukunft.

Dëse flotten a prakteschen Objet geet wäit iwwer seng Funktioun eraus. D'Bidonge sollen déi Jonk motivéieren, den alldeeglече Verbrauch vu Plastik ze reduzéieren an d'Gewunnecht opzebauen, ëmmer e perséinleche Bidong mat ze bréngen, fir dësen an der Schoul an an der Maison Relais un de kierzlech installéierte Waasserspender opzefëllen. Dës kleng Verännerung weist, wéi jiddereе mat klenge Schrëtt e grousse Bäitrag zur Reduktioun vum Offall an zum Schutz vun der Ëmwelt leeschte kann.

Bei dëser Geleeënheet huet de Schäfferot de Schülerinnen a Schüler och reflektéierend Unhänger fir un hire Schoulsak ze hänke verdeelt. Dës si vum Schoulpersonal ausgesicht a vun der Gemeng Duelem bei der Sécurité Routière bestallt ginn. Dës sollen dofir suergen, datt d'Kanner besser gesi ginn um Schoul- an Heemwee, zumools wärend där méi däischterer Joreszäit.

D'Schoulpersonal krut bei dëser Geleeënheet och Sécherheetsgilete fir d'Schüler a Schülerinnen iwwerreecht fir dass si bei Aktivitéiten ausserhalb vum Schoulgebai visibel sinn.

Duerch dës kombinéiert Aktiounen hoffen de Schäfferot an d'Klimateam, d'Schülerinnen an d'Schüler fir béid Themen – Nohaltegkeet a Sécherheet – sensibiliséiert ze hunn an denken dass dëst zu engem positive Verhalen am Alldag bäidroe wäert.


© Carlos Gomes

## *Durabilité et Sécurité à l'école*

*Le **25 octobre 2024**, les membres du conseil échevinal et du Klimateam ont distribué des gourdes aux élèves de l'école fondamentale de Dalheim. Ces gourdes, fabriquées en inox recyclé et portant les logos de la commune de Dalheim et du Pacte Climat, symbolisent un pas collectif vers un avenir plus durable.*


© Carlos Gomes

*Ce nouvel accessoire, à la fois pratique et joli, dépasse sa simple fonction d'objet de boisson. En effet, il vise à encourager les jeunes à réduire leur consommation quotidienne de plastique et à adopter l'habitude d'apporter une gourde personnelle pour la remplir aux fontaines d'eau installées récemment dans l'école et la maison relais. Ce petit changement illustre comment chacun peut, à travers de petits gestes, contribuer de manière significative à la réduction des déchets et à la protection de l'environnement.*

*À cette occasion, le conseil échevinal a également distribué aux élèves des porte-clés réfléchissants à accrocher à leur cartable. Ces porte-clés, choisis par le personnel enseignant et commandés par la commune auprès de la Sécurité Routière, visent à améliorer la visibilité des enfants sur le chemin de l'école, particulièrement durant les périodes plus sombres.*

*Le personnel enseignant a également reçu des gilets de sécurité pour que les élèves soient bien visibles lors des activités en dehors de l'établissement scolaire.*

*À travers ces actions combinées, le conseil échevinal et le Klimateam espèrent sensibiliser les élèves à l'importance de la durabilité et de la sécurité, en espérant que cela se traduira par des comportements positifs au quotidien.*

## Halloween-Party am SEA “An de Wolleken”

De **25. Oktober 2024** hat d’Personal aus der Maison Relais “An de Wolleken” hier traditionell Halloween-Party organiséiert, wat fir d'Kanner ëmmer e risege Spaass bedeit.

Déi kleng a manner kleng Gäscht hunn sech als Hexen, Geeschter, Superhelden a Monster verkleet a goufen an enger grujeleg flotter Kuliss empfaang.

Fir grujeleg Leckereie wor och gesuergt, um Halloween-Buffet stounge Kürbiszopp, Geeschter-Chips, Geeschter- a Frankensteinkuch an nach villes méi.

Wéi all Joer eng onvergiesslech Party bei där sech Grouss a Kleng gutt ameséiert hunn.



© Peggy Olinger



©SEA An de Wolleken



© SEA An de Wolleken



© Fanfare Gemeng Duelem

## Hämmelsmarsch zu Welfreng

De 27. Oktober 2024 ass d'Fanfare Gemeng Duelem duerch d'Stroossen zu Welfreng den Hämmelsmarsch spille gaang.



© Jill Sidon

## Halloweenparty am Jugendhaus

Wéi schonn déi Jore virdrun, hat d'Jill SIDON den 30. Oktober 2024 nees eng flott Halloweenparty am Jugendhaus organiséiert. Fir dës Party hat d'Jill och d'Bewunner aus dem Foyer La Cerisaie invitéiert.

D'Jugendhaus wor mat grujelegen Elementer dekoréiert ginn, déi Jugendlech haten sech fir Halloween verkleet an hu bei Fingerfood a Musek e puer flotter Momenter verbruecht.



© Jill Sidon

## Bestandsopnam vun der Sécherheet an der Beschëlderung zu Duelem

Am Kader vun engem organiséierten Tréppeltour duerch Duelem den 9. November 2024 vu Memberen aus dem Klimateam an der Kommissioun fir Mobilitéit, Gemengeweeër, Sécherheet a Präventioun, gouf eng detailléiert Analyse vun der Verkéiersbeschëlderung an der Sécherheetssituatioun fir Foussgänger a Vëlosfuerer duerchgefouert. Dës Initiativ hat als Ziel, Schwieregkeeten an dëse Beräicher opzedecken a Verbesserunge virzeschloen.

Den Tour huet sech virun allem op d'Weeër zu de Plaze wéi d'Gemengenhaus, de Schoulcampus, d'Maison Médicale a weider Infrastrukture konzentréiert. Et gouf gekuckt, ob d'Verkéiersschëlder op dëse Plaze kloer an einfach ze verstoe sinn, a Foussgänger wéi och Cyclisten effektiv a sécher vun enger Plaz op déi aner guidéiert ginn. D'Visibilitéit vun den Hiweisschëlder a wéi kloer d'Strecke markéiert sinn, goufe genee ënner d'Lupp geholl.

Bei dëser Geleeënheet konnten e puer Stroossen a Plazen identifizéiert ginn, déi Sécherheetslücken oder eng schlecht oder feelend Beschëlderung opzeweisen hunn.

Sämtlech Feststellunge wäerten an engem detailléierte Rapport zesummegefaasst ginn, deen dem Schäfferot virgeluecht gëtt.

An enger nächster Phase soll dee selwechten Exercice och zu Welfreng an zu Fëlschdref duerchgefouert ginn.

## *Evaluation de la Sécurité et de la Signalisation à Dalheim*

*Dans le cadre d'une marche organisée le 9 novembre 2024, des membres du Klimateam et de la commission de la mobilité, des chemins communaux, de la sécurité et de la prévention ont réalisé une analyse détaillée de la signalisation routière et des conditions de sécurité pour les piétons et les cyclistes à Dalheim. Cette initiative visait à identifier les difficultés existantes dans ces domaines et à proposer des améliorations.*

*Le parcours s'est concentré principalement sur les chemins menant à des lieux clés comme la mairie, le campus scolaire, la maison médicale et d'autres infrastructures. L'objectif était de vérifier si les panneaux de signalisation dans ces zones sont clairs et faciles à comprendre, et si les piétons et les cyclistes peuvent se déplacer de manière sûre et fluide d'un endroit à l'autre. L'équipe a également examiné la visibilité des panneaux et la clarté du marquage des parcours.*

*À cette occasion, plusieurs rues et zones ont été identifiées comme présentant des lacunes en matière de sécurité ou une signalisation insuffisante, voire absente.*

*Tous les constats seront repris dans un rapport détaillé qui sera soumis au conseil échevinal.*

*Dans une phase ultérieure, le même exercice sera réalisé dans les localités de Welfrange et de Filsdorf.*


© Klimateam



© Fanfare Gemeng Duelem

## Hämmelsmarsch zu Duelem

Den **9. November 2024** huet et zu Duelem och geheescht "d'ass Kiermes am Duerf" an d'Fanfare Gemeng Duelem ass den Hämmelsmarsch duerch d'Duelemer Stroosse spille gaang.




© Fonds Jean-Pierre Hentzen

## Dag vum Bam

De **15. November 2024** hunn d'Schülerinnen a Schüler vum Cycle 4.1. aus der Grondschoul Duelem, zesumme mam Fierschter Tom ENGEL an de Bëschaarbechter, Polverholz, Routholz, Wantereech an Holzapel geplanzt fir esou een Arboretum unzeleeën, wou ënnerschiddlech Aarte vu Beem a Straicher ugeplanzt ginn. Bei dëser Geleeënheet kréien d'Schülerinnen a Schüler ëmmer wichteg an interessant Informatioune wat ons Natur ugeet.

Duerno ass et an d'technesch Hal gaang, fir sech bei deem traditionelle waarme Schocki an enger Mëtsch opzewiermen.

## Kaffisstuff

Den **10. November 2024** haten d'Fonds Jean-Pierre Hentzen asbl op hir Kaffisstuff zu Duelem an de Centre Culturel agelueden.

Nieft Kaffi a Kuch, stoung och eng Assiette um Menu vun hirer gutt besichter Kaffisstuff.



© Fonds Jean-Pierre Hentzen



POLICE LËTZEBUERG

Les mois d'automne et d'hiver sont plus propices à des cambriolages en raison de la tombée avancée de la nuit et de la visibilité plus réduite. Dans ce contexte, la Police tient à rappeler qu'une bonne sécurisation mécanique de la maison, un système d'alarme, mais aussi la vigilance individuelle diminuent considérablement le risque d'être victime d'un cambriolage.

## CONSEILS ET COMPORTEMENT PRÉVENTIF

Adoptez les bons réflexes :

- Fermez systématiquement à clé vos portes extérieures, vos fenêtres et porte du garage, même en cas de courte absence.
- Activez toujours votre système d'alarme, même lors d'une courte absence.
- Éclairez votre domicile en fin de journée à l'aide d'une minuterie automatique.
- Informez vos voisins si vous êtes absents pendant une période plus longue.
- Signalisez à la Police toute personne ou voiture suspecte.



## SAVIEZ-VOUS QUE...?

En moyenne, la durée d'un cambriolage ne dépasse pas 5 à 10 minutes (effraction et fouille de l'habitation). Les cambriolages peuvent aussi bien avoir lieu durant la journée que pendant la nuit.

En principe, un cambrioleur ne cherche pas la confrontation avec l'habitant et fuit lorsqu'il remarque que celui-ci l'a aperçu. Néanmoins, si l'habitant constate qu'un cambriolage est en cours, il est déconseillé d'affronter le cambrioleur de manière directe. Alertez plutôt la Police et signalez au cambrioleur qu'il n'est pas passé inaperçu, par exemple en faisant du bruit, en criant ou en allumant l'éclairage.

113 URGENCES

## QUE FAIRE...?

Si vous avez été victime d'un cambriolage, contactez immédiatement la Police au numéro d'appel d'urgence 113 et attendez l'arrivée des agents. Ne touchez à rien, ne jetez, ne rangez et ne nettoyez rien sur le lieu du crime afin de ne pas détruire des traces qui peuvent être importantes lors de l'enquête.

**Pour plus d'informations et de conseils, renseignez-vous gratuitement auprès du service de prévention de la Police :**

**SERVICE NATIONAL DE PRÉVENTION DE LA CRIMINALITÉ**

(+352) 244 24 40 33 prevention@police.etat.lu

 © POLICE LËTZEBUERG - 30.10.2023 

## Administration communale de Dalheim

### Bureau de la Population / Etat Civil / Indigénat

**Matin :** lundi - vendredi : 08h00 - 12h00 **(07h00 - 08h00 sur rendez-vous)**
**Après-midi :** mardi - jeudi : 13h30 - 16h00 **(16h00 - 17h00 sur rendez-vous)**

Un rendez-vous peut être pris pour les démarches administratives urgentes.
Fermé lundi et vendredi après-midi.

| | |
|---|---|
| M. Hervé PHILIPPI | 23 60 53 223 |
| Mme Ivana DRAGUSIC | 23 60 53 224 |

### Comptabilité

**Matin :** lundi - vendredi: 08h00 - 12h00
**Après-midi:** mercredi : 13h30 - 16h00
mardi et jeudi: 13h30 - 15h00
Fermé lundi et vendredi après-midi.

| | |
|---|---|
| Mme Eliane WEIMERSKIRCH | 23 60 53 222 |

### Recette

**Matin :** lundi - vendredi : 08h00 - 12h00
**Après-midi :** mercredi - jeudi : 13h30 - 16h00
Fermé lundi, mardi et vendredi après-midi.

| | |
|---|---|
| Mme Myriam KIEFFER - receveur | 23 60 53 221 |

### Secrétariat

Uniquement sur rendez-vous.

| | |
|---|---|
| Mme Romaine RASSEL | 23 60 53 230 |
| Mme Henriette DE PERCIN | 23 60 53 231 |

### Service technique

Uniquement sur rendez-vous.

| | |
|---|---|
| M. Claude STREEF - préposé au service technique | 23 60 53 273 |
| M. Markus NEUKIRCH | 23 60 53 272 |
| M. Paulo RODRIGUES | 23 60 53 270 |
| M. Jos MATHEY | 23 60 53 271 |

### Service Eau

| | |
|---|---|
| M. Jos MATHEY | 621 31 41 95 |

### Délégué à la sécurité

| | |
|---|---|
| M. Carlos GOMES | 621 46 88 09 |

### Centre de recyclage — 23 60 53 274

Horaires d'ouverture
Mardi, jeudi, samedi : 13h30 - 16h30

**Fermé le 1er mai 2025**, **29 mai 2025**, **1er novembre 2025**
et du **jeudi 25 décembre 2025** au **jeudi 1er janvier 2026** inclus

### Maison des Jeunes

Mardi - Jeudi : 14h00 - 19h00
Vendredi : 16h00 - 22h00
Samedi : 15h00 - 19h00 (peut varier selon les activités)

| | |
|---|---|
| Mme Jill SIDON | 26 67 26 74 |




# LÉIF BOMA, LÉIWE BOPA,

# LOOSST IECH NET BEDUCKSEN!

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration
et à la Grande Région

ZESUMME FIR IECH

WWW.POLICE.LU

POLICE
LËTZEBUERG

## OCH ÄR ENKELIN RÉIT IECH:




### Opgepasst op den Trickdéifstall!

Loosst keng friem Leit an är Wunneng eran!

### Hitt iech viru falschen Enkelkanner a falsche Polizisten!

Wann der Zweiwel hutt, da rufft d'Police selwer ënnert der Nummer 113 un!





### Opgepasst bei Gewënnspillverspriechen an Internetbedruch!

Wann der fir ee Gewënn bezuele musst, dann ass dat Bedruch!

## Informéiert direkt d'Police iwwert den Noutruff 113.

# MAT LU-Alert GESÄIS DU ET KOMMEN.

**Gutt gewarnt, fir richteg ze reagéieren.**



## LU Alert

**DEN NATIONALE WARNSYSTEM**

Luet d'**LU-Alert App** erof.

**www.lu-alert.lu**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Zesumme mat dësem Buet kritt Dir och de Kalenner vun der Gemeng fir d'Joer 2025 ausgedeelt. An dësem Kalenner fannt Dir all Manifestatiounen, déi vun der Gemeng oder vun engem vun de Veräiner organiséiert ginn, an och den Offallkalenner. Versuergt de Kalenner gutt, et ass Ären treie Begleeder duerch d'Joer.

Ensemble avec ce bulletin communal, vous recevrez également le calendrier de la commune pour l'année 2025. Vous y trouverez toutes les manifestations organisées par la commune ou par une des associations, ainsi que le calendrier des déchets. Ce calendrier sera votre compagnon fidèle pendant toute l'année, conservez-le donc bien.




Mir erënneren Iech drun, dass **d'Ofschéisse vu Knupperten** oder **Freedefeier** um **Territoire vun der Gemeng verbueden ass**, och op Silvester an Neijoerschdag.

Nous vous rappelons que **les feux d'artifices** et **les pétards** sont **interdits** sur **le territoire de la commune.** Cette règle s'applique également le soir de la St. Sylvestre et le Jour du Nouvel An.

Administration communale de Dalheim
Gemengeplaz • L-5680 Dalheim
Tél: 23 60 53 - 1 • info@dalheim.lu

# D'Gemeng Duelem wënscht schéi Chrëschtdeeg an ee gudde Rutsch an d'Joer 2025

